Le caractère urgent de la question a été reconnu (10.03.2021)

n° 3822

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2021

REÇU
Par Alff Christian , 16:00, 10/03/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro zu Impfunge bei Participant'en vun den olympesche Spiller un de Minister fir Sport weider ze leeden.

Wéi een dëser Deeg aus den däitsche Medien (zum Beispill dem ZDF) konnt héieren, hunn verschidden Natiounen ugefaangen hir Sportler, di fir d'olympesch Spiller zu Tokio a Fro kommen, ze impfen. Zum Beispill ginn a Mexiko d'olympesch Athleten zum selwechten Zäitpunkt wéi Dokteren an d'Fleegepersonal geimpft. An anere Länner, wéi an Däitschland, huet sech den olympesche Sportbund DOSB strikt géint eng Prioritiséirung vu Spëtzenathleten ausgeschwat. Dës ënnerschiddlech Interpretatioune vu Prioritéiten a Saachen Impfung wäerten zu Diskriminatiounen tëschent de verschiddene Sportler an de verschiddene Länner féieren. Elo wou gëschter duerchgesickert ass, dat warscheinlech keng auslännesch Zuschauer di net zu Japan wunnen, erlaabt wäerte sinn, stellt sech d'Fro vum Impfpass ëmmer méi dréngend fir un de Spiller deel ze huelen, sief et als Athlet oder als Accompagnateur.

Qualifizéiert Sportler, an och déi wou no drun sinn sech nach ze qualifizéieren, befannen sech elo schonn an der Virbereedungsphase fir d'olympesch Spiller an et ass kloer falls ee wéilt op de Wee vun enger prioritärer Impfung fir eis Héichleeschtungssportler goen, da misst dës Impfung awer an enger Phase vu reduzéiertem Training duerchgefouert gi fir den Immunsystem net ze vill ze belaaschten, sou Experten. Vue dass et net méi laang dauert bis d'olympesch Spiller stattfannen, brauch et also eng zäitno Decisioun wéi ee mat deene Concernéierte virgeet.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend dréngend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wat ass d'Positioun vum Sportminister zu dëser Thematik?
2. Wéini ass et fir de Ministère ethesch vertrietbar Sportler an hier Accompagnateuren impfen ze loosse bzw. prioritär virzehuelen?
3. Huet de Sportminister schonn en Avis vun der Ethikkommissioun zur dëser Thematik ugefrot?
4. Wéi steet de Minister zu engem obligatoreschen Impfpass fir däerfen un der Olympiad deel ze huelen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.



Nancy Arendt ép. Kemp
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 11 mars 2021

REÇU
Par Alff Christian , 13:00, 11/03/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Objet :** **Äntwert vum Dan Kersch, Sportsminister, op déi dringend parlamentaresch Ufro N°3822 vun der honorabeler Deputéiert Nancy Arendt ep. Kemp iwwer d'Impfunge bei Participant'en vun den olympesche Spiller**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire urgente N°3822.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

66 Bureaux:
66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Adresse postale:
B.P. 180
L-2011 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83406
Fax (+352) 43 44 36

www.sport.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Dan Kersch, Sportsminister op d'parlamentaresch Ufro N°3822 vun der honorabeler Deputéierten Nancy Arendt ep. Kemp zu Impfunge vun Participanten un den olympesche Spiller.**

Als Sportsminister deelen ech d'Meenung vun ville Leit, dass et zu dësem Moment, wou den Impfstoff nach rar ass, net ubruecht ass fir Prioriséierungen fir eis Sportler, a schonns guer net fir hier Encadrant'en, ze maachen. Wann een déi aktuell, berechtegt Diskussioun em Imfdrängler hei zu Lëtzebuerg verfollegt, giff een, mengen ech, och eise Sportler mat esou enger Décisioun kee Gefalen maachen.

Bis elo wësse mär nach nët, wat genau d'Oplagen fir Athleten, Encadrant'en an Zuschauer fir d'Participatioun un de Spiller wäerte sinn. A Funktioun vu verlässlechen an endgültegen Informatiounen déi mär zu dëser Thematik kréien, wäert d'Regierung déi Entscheedungen huelen déi ustinn, selbstverständlech och ënner Berécksichtigung vun ethesche Kriterien. Zu dësem Moment ass et dofir vill ze fréi, an dofir kann ech d'Urgence vun Ärer Froestellung, déi mär gëschter Owend um 17:25 Auer zougestallt gouf, nëmmen schwéier novollzéien.

D'Lëtzebuerger Regierung ass nët Organisateur vun den olympesche Spiller, dat ass den IOC. D'Thema "obligatoreschen Impfpass fir d'olympesch Spiller" ass dofir net Géigestand vun de Beroodungen an der Regierung, schonns guer net, well et zu dësem Zäitpunkt jo nach guer net sécher ass, ob iwwerhaapt esou en Impfpass obligatoresch gefrot gëtt. Fir Lëtzebuerg décidéiert doriwwer eraus am Prinzip den COSL op lëtzebuerger Sportler zu Tokyo deelhuelen, ausser et wieren héijer national Intérêt'en a Gefor. Esou eng Gefor gesinn ech am Moment nët.